



## **Positiounspapier**

Beschluss um Landeskongress 2012.1

Thema:

### ***Erhéichte Budgetbedeelegung***

#### **Problematik**

Während deem den Zougank zu Budgetsinformatiounen enorm wichteg ass fir dass een als Bierger seng Kontrollfunktioon ausübe kann, sou soll sech d'Budgetbedeelegung net op eng reng Kontroll beschränken. Wann de Bierger zur aktiver Bedeelegung am politesche Prozess opgeruff ass, sou soll en och un der Budgetgestaltung deelhuele kënnen a budgetpolitesch Prioritéite beaflosse kënnen. Leider besteet dës Méiglechkeet zu Lëtzebuerg nach net an de Bierger huet nëmmen e ganz begrenzten Afloss (duerch perséinlech Kontakter) op ee Budget dee gréisstendeels hanner zouenen Diere beschloss gëtt. Bis elo goufen zu Lëtzebuerg och nach keng Ustrengungen ënnerholl fir de Bierger méi staark an d'Budgetgestaltung anzebannen.

#### **Prinzipie vun der Piratenpartei**

Als eent vun de Grondprinzipie vun der Piratepartei fungéiert d'Maxime am héchste Grad d'Bedeelegung ze fördern. D'Bedeelegung soll sech an eisen Aen och net op eng reng Meenungsäusserung a posterio beschränken, mä et och erméigleche konstruktiv am Gestaltungsprozess matzewierken. Nëmmen duerch d'Erméigleche vum Matwierke vun alle Bierger ka gewährleescht ginn, dass och déi kompetentste Persoune fonnt ginn fir un engem Problem matzehëllefen. Well de Budget eng héichkomplex Problemstellung ass, geet d'Piratepartei dovunner aus, dass méi Käch net de Bräi verdierwen, mä et souguer am Géigendeel erméigleche wäert, dass vill Experten an de verschiddensten Domainen zesummekomme fir eng optimal Leisung ze fannen.

#### **Fuerderungen**

D'Piratepartei Lëtzebuerg fuerdert:

- D'Opmaache vum Budgetgestaltungsprozess Richtung Zivilgesellschaft
- D'Ariichtung vu regelméissegen Unheierungen zu makroekonomesche Froen an der zoustänneger Kommissioun vum Parlament
- All d'Verhandlungen an Unheierungen zum Budget sollen sou transparent wéi méiglech gestallt sinn an der Öffentlechkeet Méiglechkeeten zur Participatioun erméiglecht ginn (Fernsehiwwerdroung, Livestreaming,...)
- D'Ariichtung vun engem Kanal zum IGF deen et erméiglecht anonym de Mëssbrauch oder d'ineffektiv Notze vu Gelder ze mellen



- Ee Virschlagsrecht dat et alle Bierger erméiglecht der IGF Priotitéiten anzereeche wéiee Budgetposte méi genau gepréift soll ginn
- D'Ariichte vun engem Budgetposte vun 0,5% vun der Gesamtsomm déi vun interesséierte Bierger a participative Verfahren (Adhocracy, Liquid Feedback, o.ä.) verplangt kënne ginn